

Opruff:

Wat maachen ech mat der Woll vu menge Schof?

Wat maachen ech mat menger Woll? Ech weess net wouhin dermat, geheien se awer och net gären ewech. Dës Fro kréien ech émmer erëm gestallt vu Schofsziichter. Wou fannen ech regional Woll, ass déi zweet Fro, déi sech Handwiersleit a Konschtschafender stellen?

Zil vun dësem Opruff:

- Zesummebrénge vu Schéifer a Wollveraarbechter, egal op Hobby, hallef Professionell oder Professionell am Beräich Isolatioun, Konschthandwerk an Handwerk (Spënner, Wiewer, Filzer, Designer etc.)
- Valoriséiere vun der regionaler Woll

Ursprung vun dësem Opruff:

- D'Woll huet hire Wäert an deene leschten 100 Joer verluer a si ass fir de Schofsziichter éischter eng Laascht, wéi dass hien eppes dervun huet. D'Käschte fir ee Schof ze schieren, si méi héich wéi de Préis deen hie fir ee Vlies vum Schof kritt.
- Woll gouf bis elo an eisem Land gesammelt an duerno a China transportéiert, vu wou si dann als fäerdeg Produkt erëm zréck an eis Geschäft kennt.
- Mir stellen eis haut keng Froe méi doriwwer, wou eist Gezei hierkénn a wéi en Impakt d'Hierstellung vu Stoff, dat meeschters net méi aus Naturfasere besteet, op d'Waasser, d'Land, Loft an awer och eis Gesondheet (Schuedstoffer) huet.
- Et gëtt eng grouss Nofro no regionaler Woll, déi a verschiddene Woll- an Designgeschäfte erëm ugebuuede gëtt.

Wichteg ass, d'Woll regional verschaffen ze loessen. Et gjinn och schonn hei am Land an an der Groussregioun Initiative fir regional Produkter aus Woll erëm hierzestellen an „d'filière laine“, opzebauern.

Sidd Dir interesséiert, un engem regionalen Aarbeitsgrupp deelzehuelen, fir zesummen ze kucken, wéi eng Woll mir an der Regioun hunn a wéi mer déi kënne regional gebrauchen? Da mellt lech beim:

Maggie Backes

E: backesm@gmail.com T: 621 294 162
www.facebook.com/WensleydaleLuxembourgWellWolleLandscape/

Woll ass:

- eng natierlech erneierbar Ressource
- nohalteg (laang haltbar)
- biodegradabel (Steckstoff)
- thermoreguléierend

Appel:

Que faire de la laine de mes moutons?

Qu'est-ce que je fais de ma laine? Je ne sais pas où la livrer, mais je ne voudrais pas la jeter non plus. C'est une question que les éleveurs de moutons me posent fréquemment. Où peut-on trouver de la laine régionale? en est une deuxième, que se posent les artisans et les artistes.

Objectif de cet appel:

- Rassembler ceux qui élèvent des moutons et ceux qui utilisent et transforment la laine, qu'ils soient amateurs, semi-professionnels ou professionnels, des domaines de l'isolation, de l'artisanat et de l'artisanat d'art (filateurs, tisserands, feutriers, designers etc)
- Mise en valeur de la laine régionale

Origine de l'appel:

- Au cours du siècle passé, la laine a perdu en valeur. Aujourd'hui, elle constitue plutôt une charge qu'un atout pour l'éleveur, puisque les coûts de la tonte sont plus élevés que le prix que rapporte la toison.
- Récemment, la laine était collectée chez nous, puis transportée en Chine, pour en revenir sous forme de produit fini dans nos magasins.
- Nous ne nous questionnons plus quant à la provenance de nos vêtements, ni à l'impact de la fabrication de tissus, composés rarement de fibres naturelles, sur l'eau, l'air, mais aussi sur notre santé (substances nocives).

Il est important de faire transformer la laine au niveau régional. Au Luxembourg et en Grande Région, il existe des initiatives pour relancer une production régionale de laine et créer la « filière laine ».

Si vous êtes intéressé(e) à participer à un groupe de travail régional afin de déterminer la nature de la laine présente chez nous et d'en faire un usage régional, adressez-vous à:

Maggie Backes

E: backesm@gmail.com T: 621 294 162
www.facebook.com/WensleydaleLuxembourgWellWolleLandscape/

La laine, c'est:

- une ressource naturelle renouvelable
- durable
- biodégradable (azote)
- thermo-régulateur